

nolauschteren an dann net eleng schwätzen, mä matschwätzen, mat de Leit schwätzen.

Eppes steet fest: Dës grouss Moderniséierungsdebat ass noutwendeg! Si kënn eischer ze spët wéi ze fréi. Fir an hir ze bestoe brauch een Erfahrung, Gedold, Verständnis, Imaginatioun an zum Schluss awer och Courage. Et gëtt déi gréissten Erausfuorderung, déi Land a Leit an de leschte Jorzéngten ze bestoen haten. Ech sinn, wéi an anere Froen, och vun eppes iwwerzeegt. Mir packen och dat. Mir packen dat, well mer et musse packe weinst eis selwer. Mir mussen dat packe weinst deenen, déi no eis kommen.

Et komme wichteg Joren. D'Présidence d'nächst Joer, do gi mer eng leschter Kéier gemooss. D'Kulturjoer 2007, do musse mer weisen, datt mer méi si wéi muncheree mierkt a mengt. Den IVL, do musse mer beweisen, datt mer mat eis selwer eens ginn.

Ech soen lech merci, Här President.

M. le Président.- Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Här Statsminister. D'Sitzung gëtt elo fir e puer Minutten ënnerbrach an dann huele mer se erëm op fir d'Diskussioun an de Vote vum Projet de loi 5323 betreffend d'Opnam vun neie Memberen an d'Europäeschen Unieon.

D'Sitzung ass fir e puer Minutten ënnerbrach.

(Interruption de la séance publique à 16.34 heures)

* * * * *

(Reprise de la séance publique à 16.46 heures)

D'Sitzung geet weider. Den Här Henckes freet d'Wuert fir den Dépôt vun enger Proposition de loi. Den Här Henckes huet d'Wuert.

2. Dépôt d'une proposition de loi

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, ech wollt eng Proposition de loi déposieren, déi heescht

- *Proposition de loi 5333 créant un crédit d'impôt recherche*

fir dem Land an de privaten Entrepreneuren ze erlaben, déi an der Recherche schaffen, sech op deeselech Niveaun ze setze wéi hir Konkurrenten am Ausland.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vun der Proposition de loi vum Här Henckes a si gëtt un déi zoustänneg Kommissioun weiderleeden.

Dir Dammen an Dir Hären, mir fueren dann elo weider mam Ordre du jour a kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5323 iwwert déi nei EU-Bäitrittslänner an den Espace Économique Européen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn ageschriwene: déi Häre Wiseler a Fayot. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Emile Calmes.

3. 5323 - Projet de loi portant approbation de l'Accord relatif à la participation de la République Tchèque, la République d'Estonie, la République de Chypre, la République de Lettonie, la République de Lituanie, la République de Hongrie, la République de Malte, la République de Pologne, la République de Slo-

vaque à l'Espace Économique Européen et de l'Acte final, signés à Luxembourg, le 14 octobre 2003

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz, mat deem mer et hei ze dinn hunn, gouf de 6. Abrëll deposiert. De Statsrot huet säin Avis zu deem Gesetz den 20. Abrëll gemaach, geschter gouf de Rapport an der zoustänneger Kommissioun ugeholl.

D'Tatsaach, dass et esou preséiert huet, dësse Projet hei ëmsetzen, ass, dass eis gesot ginn ass, dass et gudd wär, wann dësen Accord gläichzäiteg mat dem Adhésionsstraité, deenen den 1. Mee a Kraaft trëtt, géif a Kraaft tueden, fir esou e gudd Fonctionnement vun erweiderten europäesche Bannemaart ze garantieren, well et an deem Gesetz précisément drëm geet, d'Partizipatioun vun deenen zéng neien EU-Länner um europäesche Wirtschaftsraum, dat heescht dem Espace Économique Européen, ze regelen, esou wéi dës selwechten Accord dat a sengem Artikel 28 virgesäit, wou dra steet, dass all Land, wat an d'EU bäikënnt, dat heescht wat Member vun der EU gëtt, gehalen ass, eng Demande ze maachen, fir deem Accord hei bäizetrieden.

Et ass awer net bis zum A-Kraaft-Triede vun Adhésionsstraité gewaart ginn, et ass emol net gewaart ginn, bis den Traité d'adhésion de 16. Abrëll 2003 ënnerschriwwen gouf, fir dësen Accord auszehandelen, mä déi 15 Länner hu schonn den 9. Dezember 2002 der Kommissioun Optrag ginn, e Mandat ginn, fir dësen Accord auszehandelen, deenen och am Juli vum selwechte Joer du konnt zu engem Enn gefouert ginn an den 11. November an deemselwechte Joer ënnerschriwwen ginn ass. Dat ass relativ séier gaangen, well souwiesou de Gros vun de Bäitrittsmodalitéiten zum europäesche Wirtschaftsraumaccord sech aus dem Adhésionsstraité ergëtt.

Nun, wat ass den europäesche Wirtschaftsraum? Den europäesche Wirtschaftsraum besteet momentan aus deene 15 EU-Länner plus Island, Liechtenstein an Norwegen, a mat deem Accord geet et dann drëm, déi zéng nei Länner dobäizekréien. Et geet hei just an deem Accord drëm, fir deenen dräi Länner, déi ech elo genannt hunn, déi net an der EU sinn, en Zougank zum europäesche Bannemaart ze garantieren, andeem dass si awer och all Dispositione vun deem Accord unique an hir Législatiounen iwwert dësen Accord iwwerhuelen. Dat si bal 80% vun allen europäeschen Dispositionen.

Dozou gehéiere selbstverständlech net déi gemeinsam europäesch Agrarpolitik, och net d'Währungsunioun an och net déi gemeinsam Aussen- a Verteidigungspolitik, fir nëmmen déi ze nennen. Dësen europäesche Wirtschaftsraumaccord gouf 1991 am Kader vun de Verhandlungen iwwert de Maastrichter Traité ausgehandelt an en ass den 1. Januar 1994 a Kraaft getratt, dës no deems den 1. Januar 1993 de Accord unique a Kraaft getrueden ass, an am November 1993 den Traité vun der heiteger Europäescher Unioun, dat heescht de Maastrichter Vertrag.

A sech huet deenen europäesche Währungsraumaccord säin Ursprung 1957 fonnt a la suite vun der Grënnung vun den europäesche Communautéiten vun deene sechs Grënnelänner. Dunn hunn aner europäesch Länner sech zesummefonnt an enger Association européenne de libre échange, fir iwwert dee Wee vun dëser Associatioun eng Koopera-

tioun mat deene sechs Länner unzestriewen. Wéi no an no awer de Gros vun deene Länner dunn der Europäescher Unioun selwer bäigetritt ass, sinn der Enn der 90er Joren nach just véier iwweg bliwene an dëser Associatioun, dat waren Island, Liechtenstein, Norwegen an awer och d'Schweiz, woubäi der dann dräi mat der Europäescher Unioun dësen Accord hei gemaach hunn.

D'Schweiz huet deemools net matgemaach, well se an engem Accord 1992 decidéiert hat, deem Accord net bäizetrieden. Dësen Accord erlaabt da just dësen dräi Länner, wéi ech dat scho gesot hunn, den Zougank zum europäesche Bannemaart duerch e fraie Wueren-, Déngschtleeschungs-, Kapital- a Persounverkeier tëschen dësen 18 Länner, an deemnächst dann 28 Länner, haut da mat 455 Milliounen Konsumenten. E mécht d'Dier awer och op fir eng Zesummenaarbecht an aneren Domänen wéi zum Beispill dem Ëmweltschutz, der Nohaltegkeet, der Gesondheet, awer och dem Héritage culturel.

Den Accord selwer besteet aus engem Haaptaccord, wou et ëm d'Partizipatioun vun deenen zéng Länner zu deem Accord hei geet. Et sinn och nach zwou Annexen dobäi, wou et am A drëm geet, d'Dispositione vum Acquis communautaire ëmzesetzen, an am B ëm d'Dispositions transitoires geet. Et regelt awer och de B de finanzielle Bättrag vun dësen dräi Länner zu Préten, déi vun der Banque Européenne d'Investissement un aner Länner gemaach ginn. Et ass och en Acte final dobäi mat engem Koup Deklaratioun vum engem oder alle Partenaire vun deem Accord.

Et sinn och véier bilateral Accorden un dësen Accord hei annexéiert, virun allem tëschen Norwegen an Island, wou et eischtens ëm de finanzielle Bättrag vun Norwegen an de Joren 2004 bis 2009 zu deem Accord geet. Dat sinn awer ëmmerhi 567 Milliounen Euro. Déi aner behandelen haaptsächlech den Import vu Liewensmëttel, virun allem Fësch an och landwirtschaftlech Produkter.

Well dësen Accord all dësen 28 Länner zegutt kënn an och am Intéret vun hinnen alleguerten ass, domat och vu Lëtzebuerg, wär ech frou, wann Dir deem Gesetz hei Ären Accord géift bréngen. Ech géif en am Numm vun der Demokratescher Partei bréngen an lech merci soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als eischten Diskussionsriedner ass den Här Claude Wiseler agedroen. Den Här Wiseler huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Wiseler (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deenen Exercice, dee mer haut maachen, ass u sech just ganz einfach d'logesch Konsequenz vun der Adhésion vun zéng neie Memberstaaten an d'EU. Firwat? Mä ganz einfach, well d'EU mat dräi Länner, Island, Liechtenstein an Norwegen, en Accord iwwert den Espace Économique huet, deenen u sech eng ganz Rei Saache festleet, deenen d'Zirkulatioun vun de Biens an de Services, de Capitaux an de Persounen festleet, deenen och konkret an d'leech d'Kooperatioun an de Matière vum Environnement, vum Développement durable, vum Héritage culturel, vun der Gestiou an dem Développement vun de Ressource-humainé plus Gesondheet an Hëllef fir d'Kandspolitike festschreift.

Elo kommen zéng Länner an d'EU bäi, a préalablement zum Traité d'adhésion vum 16. Abrëll 2003 zu

Athen hat de Conseil Européen decidéiert, der Kommissioun e Mandat ze ginn, fir déi Négociatiounen fir den Elargissement vum Espace Économique Européen och weider virzeginn. D'Négociatiounen sinn am Juli 2003 ofgeschloss ginn, den Accord ass am November 2003 ënnerschriwwen ginn, an elo ass et u jiddferengem vun deene Länner, déi concernéiert sinn, en ze ratifizieren, an et ass genau dat wat mir haut de Mëtteg an der Chamber maachen.

Well den Traité d'adhésion op där enger Säit an dësen Accorden op där anerer Säit solle gläichzäiteg an d'Realitéit ëmgesat ginn, a Kraaft tueden, huet d'Regierung gefrot fir eng gewëssen Urgence fir dësse Projet ze kréien. Mir wëssen och, dass aner Länner nach net esou wäit sinn. Et schuet awer sécherlech näischt, wann en zur Zäit fäerdeg ass, an et ass richtig, wa mer dat gläichzäiteg kënnen a Kraaft triede loosse, well dat ass de Sënn vun dëser ganzer Operatioun.

Inhaltlech huet den Här Rapporteur, den Här Calmes, alles gesot, den Här Calmes, deem ech och selbstverständlech merci soe fir säi Rapport, deenen en esou schnell gemaach huet.

Et geet ëm de Renforcement vun de Relationen tëschen Länner aus dem Espace Économique an den Adhésionslänner, et geet drëm fir déi véier Zirkulationsfräiheete festzeschreiwen, d'Kooperationsdomänen, déi ech virdu genannt hunn, an engem kompletten Accord erëmzeginn. Et geet och drëm fir de Betriber vun den EU-Länner Accès zum groussen Marché intérieur ze ginn a fir d'Leit, déi do wunnen, liewen a schaffen an deem groussen Espace ze loosse.

Kloer ass selbstverständlech awer och, datt déi national Moossnamen, déi transitoiresch Moossnamen, déi an den Adhésionsverträge sinn, wat d'Zirkulatioun vun de Persounen ugeet, heimadder och evidenterweis bestoe bleiwen. Ech mengen also, et ass en Text, dee gutt ass, wann en zur richteger Zäit, dat heescht fir den 1. Mee, kann ëmgesat ginn.

Ech ginn dann heimat och den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, den europäesche Wirtschaftsraum ass am Fong geholl eppes ganz Interessantes fir d'Zesummewuesse vun den europäesche Länner. Et gëtt vläicht net genuch beuecht an der Entwécklung vun der europäescher Politik an de leschte Joren an och elo. Well et ass eng Form vun Zesummenaarbecht vun dräi Länner, et ass gesot ginn, Norwegen, Island a Liechtenstein, déi um hallwe Wee zu der Europäescher Unioun bleiwen, well se net ganz Member wéile vun dëser Unioun ginn, well se op hir Souveränitéit pochen an de Schrëtt zu engem Deelee vu Souveränitéit op verschiddene Pläng net wollt matmaachen.

Ech fannen dat also en interessante Wee an och interessant fir d'Zukunft, well ee kann op déi Manier vläicht nach aner Länner, déi wëllen an d'Europäesch Unioun mol eng Kéier kommen, mat anere Forme vu Kollaboratioun mat der Europäescher Unioun, loosse mer soen, zefridde stellen, déi net onbedéngt d'Vollmemberschaft vun deene Länner an der Europäescher Unioun beinhalt.

Et ass jo och esou, dass d'Europäesch Unioun ëmmer méi grouss gëtt. Mir ginn elo 25 den 1. Mee. Dat ass e risen Elargissement, dat hu mer scho bei der Debatte gesot. En Elargissement, dee schwéier ze verdaue gëtt, wa mer bedenken, wat alles trotzdeem

u Problemer op ons duerkënn, wat och vun den ale Länner gradesou gutt wéi vun den neie Länner ganz vill verlaangt.

Ech ka mer och virstellen, dass an Zukunft bei neie Länner, déi wëllen un d'Europäesch Unioun erukommen, dës Formel vum europäesche Wirtschaftsraum eng interessant Formel vu Kollaboratioun ka sinn. Dofir mengen ech schonn, dass et wichteg ass, dass mer dës Instrument elo weider liewe loosse an dass och déi nei Länner an dësen europäesche Wirtschaftsraum erakomme mat deenen aneren 18, déi schonn dra waren.

Dat gesot, si mir selbstverständlech mat deem Projet de loi d'accord. Ech wollt awer trotzdeem hei als Vertrieeder vu menger Fraktioun soen, dass ech déi Manier, wéi mer als Chamber hei gedréckt gi fir an Zäit vun eigentlech zwee Deeg e Rapporteur ze nennen, den Avis vum Conseil d'État ze kucken, dem Rapporteur säi Rapport unzehuelen an dann den Dag duerno an der Chamber ofzestëmmen, dass ech dat keng gutt Method fannen.

Et wier eng gutt Method, wa mir et géifen och bei anere Projeten heiansdo esou schnell maachen. Mä hei maache mer et, well héchstwahrscheinlech awer anzwousch iergendeppes an de Vergiess geroden ass. Ech menge schonn, dass mer dat awer an Zukunft ons net zur Regel sollte maachen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Et ass keen Diskussionsriedner méi agedroen. Da gi mer d'Wuert un d'Madame Ausseminister Lydie Polfer.

Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.- Merci, Här President. Ech wëll fir d'éischt wéi esou oft an der leschter Zäit dem Emile Calmes als Rapporteur merci soen. Hien huet wirklech ganz schnell a ganz gutt geschafft.

Ech kommen da vläicht direkt op déi eenzeg ënnerschwellig Kritik, déi den Här Fayot hei gemengt huet missen unzebréngen, wéi wann dann een hei iergendeppes verschlof oder verpasst hätt. Ech muss mech deem awer widdersetzen. Ech mengen, mir hunn hei alleguerten esou gutt an esou schnell wéi méiglech geschafft. Ech wollt am Fong der Chamber effektiv awer merci soen, datt se besonnesch schnell a besonnesch gutt geschafft huet op engem Dossier, dee jo awer net kontrovers war, loosse mer dat awer soen.

Mä awer och d'Regierung huet ganz schnell geschafft. Loosse mer awer net vergiessen: Dee Projet hei ass eréischt den 11. November 2003 ënnerschriwwen gi vun deene Länner, ëm déi et geet. D'Regierung huet dorop den Exposé des motifs misse maachen. Ech hunn de Projet hei deposiert am März 2004. De Conseil d'État, dat ass nun eemol d'Prozedur, huet den 20. Abrëll elo säin Avis ginn, an nach eng Kéier, d'Chamber huet effektiv gutt a schnell geschafft. Dofir loosse mer eis hei net onnéideg Reproché maachen.

Ech wëll nëmmen dat Positiiv derbäi ënnersträichen, dat ass, datt mir als Lëtzebuerg, doduerch datt mer eis eben un deenen Délai vum 1. Mee halen, e positiiv Signal ginn, datt mer alles wëlle maachen, fir deenen zéng neie Länner esou schnell wéi méiglech och d'Gefill ze ginn, datt mir alles maachen, fir datt se volle Member sinn.

Ech muss soen, ech wëll awer och ganz kloer dem Statsrot e grouse Merci ausschätze fir seng Disponibilitéit, well elo muss jo och nach d'Entbannung vum zweete Vote constitutionnell kommen an d'Publikatioun am Mémorial, fir datt et wirklech da vum 1. Mee u ka gräfen. Alles dat konnte mer hei zu Lëtzebuerg, an eiser klenger Gemeinschaft, maachen. Ech fannen dat am Fong eischer en encoura-

geant Signal, datt dës Communautéit zesummenhält a weess, wéini een zesumme muss stoen, wann et ëm wichteg Saache geet, déi mer alleguerte wëllen.

Merci, Här President.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zum Vote iwwert

dee virleiende Gesetzesprojekt.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 52 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Norbert Hauptert (par M. Théo Stendebach), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme

Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Nicolas Strotz), Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Emile Calmes), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mmes Mady

Delvaux-Stehres (par M. Jean Asselborn), Lydie Err, MM. Ben Fayot, Lucien Lux (par M. Jos Scheuer) et Jos Scheuer;

MM. Jean Colombero (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par M. Jean Huss), Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

4. Ordre du jour

Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn nach eng Matdeelung ze maachen. Wéinst internationale Verflchtunge vun der Regierung huet d'Präsidentekonferenz haut de Mëtteg decidéiert, dass eis Sitzung vu muer de Mëtten net wéi virgesinn um hallwer dräi ufänkt, mä um Véirel vir dräi.

(Interruptions)

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.04 heures)

Ordre du jour

1. Communications
2. 5331 - Proposition de loi sur les enquêtes parlementaires - Déclaration de recevabilité
3. 5332 - Débat sur l'état de la nation

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Erna Hennicot-Schoepges et Marie-Josée Jacobs, MM. Michel Wolter et Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen, Charles Goerens, Carlo Wagner et François Biltgen, Ministres; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Da fänke mer direkt u mat eisem neien Ordre du jour. Virdrun awer wollt ech nach op folgend Kommunikatiounen opmierksam maachen.

1. Communications

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau. Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Par lettre du 22 avril 2004, le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre le texte des positions et résolutions adoptées par le Parlement européen au cours de sa période de session du 29 mars au 1^{er} avril 2004;

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion de l'accord entre la Communauté européenne et la Confédération suisse prévoyant des mesures équivalentes à celles prévues dans la directive 2003/48/CE du Conseil du 3 juin 2003 sur l'imposition des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts et du protocole d'accord qui l'accompagne;

- position sur la proposition de décision du Conseil portant conclusion d'un accord de dialogue politique et de coopération entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et les républiques du Costa Rica, d'El Salvador, du Guatemala, du Honduras, du Nicaragua et du Panama, d'autre part;

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la signature d'un accord de dialogue politique et de coopération entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et la Communauté andine et ses pays

membres, à savoir les Républiques de Bolivie, de Colombie, de l'Équateur, du Pérou et la République bolivarienne du Venezuela, d'autre part;

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion, au nom de la Communauté européenne, de la convention sur l'accès à l'information, la participation du public au processus décisionnel et l'accès à la justice en matière d'environnement;

- résolution sur le projet de décision de la Commission constatant le niveau de protection adéquat des données à caractère personnel contenues dans les dossiers des passagers aériens (PNR) transférés au Bureau des douanes et de la protection des frontières des États-Unis;

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à l'adhésion de la Communauté à la convention sur la conservation et la gestion des stocks de poissons grands migrateurs dans l'océan Pacifique occidental et central;

- position sur la proposition de règlement du Conseil relatif à la conclusion de l'accord sous forme d'échange de lettres relatif à l'application provisoire des modifications au protocole fixant les possibilités de pêche et la contrepartie financière prévues dans l'accord entre la Communauté européenne et le gouvernement de la République de Guinée-Bissau concernant la pêche au large de la côte de Guinée-Bissau, pour la période allant du 16 juin 2001 au 15 juin 2006, ainsi qu'à la décision du Conseil du 26 février 2001 fixant les modalités d'octroi à la Guinée-Bissau d'un appui financier dans le domaine des pêches;

- position sur la proposition de règlement du Conseil relatif à la conclusion du protocole fixant les possibilités de pêche et la contrepartie financière prévues dans l'accord entre la Communauté économique européenne et le gouvernement de la République de Guinée concernant la pêche au large de la côte guinéenne, pour la période du

1^{er} janvier 2004 au 31 décembre 2008;

- position sur la proposition de règlement du Conseil relatif à la conclusion du protocole modifiant le quatrième protocole fixant les conditions de pêche prévues dans l'accord en matière de pêche entre la Communauté économique européenne, d'une part, et le gouvernement du Danemark et le gouvernement local du Groenland, d'autre part;

- résolution sur le Conseil européen;

- résolution sur la trêve olympique;

- résolution sur la Conférence internationale de Bonn pour les énergies renouvelables (Bonn, juin 2004).

2. 5331 - Proposition de loi sur les enquêtes parlementaires - Déclaration de recevabilité

Esou wéi den Artikel 57 vum Chamberreglement et virgesäit, huet d'Präsidentekonferenz an hirer Sitzung vum 27. Abrëll virgeschloen, dass d'Proposition de loi 5331 vum Här Alex Bodry iwwert déi parlamentaresch Enquête fir recevabel erkläert gëtt.

Ass d'Chamber domadder averstannen?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, haut de Mëtteg fänkt d'Chamber u mat den Debatten iwwert d'Lag vun der Nation. D'Riedezäit ass nom Modell sechs festgeluecht. Et stinn de Parteien zou: der CSV 180 Minutten, der DP 144, der LSAP 138, dem ADR 102, deene Gréngen 90, dem Här Urbany 33 an der Regierung 60 Minutten. D'Lëscht vun de Riedner gëtt verdeelt. Als éischte Riedner ass fir haut de Mëtteg den Här Lucien Weiler agedroen. D'Wuert huet den Här Lucien Weiler.

3. 5332 - Débat sur l'état de la nation

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer viru fënnef Joer, am Abrëll 1999, och kuerz virun de Wahlen, hei an der Chamber den État de la nation diskutéiert hunn, du stoung d'Debatt deemools ënnert dem Androck vun deem fierchterleche Krich um Balkan. An haut, fënnef Joer méi spéit, steet déiselwecht Debatt nees ënnert dem Stärvun engem aussepolitischen Evenement, nämlech der Erweiterung vun der Europäescher Unioun.

E Samschdeg trieden offiziell zéng nei Länner der Europäescher Unioun bäi. Déi Unioun, an där mer e Samschdegmoie waakreg ginn, huet gemeinsam Grenze mat Wäissrussland, der Ukraine, Rumänien a Kroatien. Eng Unioun, an där fir d'éischt an hirer Geschicht slawesch Sproochen offiziell gebraucht ginn, an eng Unioun an där den historiesche Rëss duerch eise Kontinent ka lues a lues nees zouggeschweesst ginn.

Déi Unioun, där déi zéng nei Membere bäitrieden, huet eist Land a wichtige Momenter vun hirer Entwécklung matgeprägt. Den Acquis communautaire, deen déi nei Memberen hu missen ëmsetzen, ass vu Lëtzebuerg mat konstituéiert ginn, am Laf vu laange Joren a Jorzéngte vun Engagement, vun europäeschem Engagement vun eisem Land. Et ass wichteg, dass ee sech e puer Deeg virun der Erweiterung u Momenter erënnert, déi fir Lëtzebuerg an d'Unioun vu besonnescher Bedeitung waren, zum Beispill d'Aushandlung vum eenheetlechen europäeschen Akt an de Maastrichter Vertrag, deen zu engem gudden Deel ënnert Lëtzebuergesche Präsidence ausgehandelt gouf.

Da muss ee sech u Momenter erënnern, an deene fir Lëtzebuerg vill um Spill stoung a wou eis Vertrieeder an Europa mat vill Geschéck dofir gesuergt hunn, dass d'Kniet konnte gesprengt ginn, déi eis an anere Konstellatiounen d'Loft hätte kënnen ofschneiden.

Dat war zum Beispill de Fall ronderëm de ganzen Accord ëm d'Zënsbesteuerung. De Statsminister huet geschter hei gesot, dass d'Lëtzebuergesche Finanzdiplomatie, wéi e sech ausgedréckt huet, hei e feint Stéck gesponnen hätt. Or, et muss ee wëssen, dass d'Lëtzebuergesche Finanzdiplomatie am Lëtzebuergesche Finanzminister an am Lëtzebuergesche Budgetminister bestanen huet. Et war hei eng zimlech roueg a keng opdränglech Beschreiung vun deem wat gemaach ginn ass, mä mir mussen wëssen, a keen hätt virun enger Rei vu Jore geduecht, dass mer haut an enger Situatioun sinn, wat d'Zënsbesteuerung ubelaangt, déi en Accord fir eist Land duerstellt, deen d'Strooss hält an dee gutt fir Lëtzebuerg ass, dee gutt fir Europa ass an deen eise Numm an Europa nëmme ka virunhëllefen.

Dëse Moment, e puer Deeg virun der Erweiterung, ass och dee wou mer eis mussen bewosst ginn, dass Lëtzebuerg a gutt aacht Méint nees d'Présidence an der Unioun iwwerhëlt. Et ass fir d'lescht wou mir déi Présidence kréien, well duerch déi europäesch Verfassung déi rotéierend Présidencen ofgeschaaft solle ginn. Eng Verfassung iwwergens fir déi Lëtzebuerg a seng Vertrieeder am europäesche Konvent ëmmer agefuerde sinn, an

eng Verfassung, déi, obwuel se ganz sécher net perfekt ass, villes an Europa méi kloer a méi gräifbar mécht.

Mir stinn also virun där leschter Lëtzebuergesche Gesamtprésidence vun der Europäescher Unioun. Dat ass een Défi, deen net vu Kaffi a Kuch ass. Vum selwe geet dat net. Déi Sujeten, déi ënner Lëtzebuergesche Präsidence mussen traitéiert ginn, zum Beispill d'Finanzperspektive vun der Unioun vun 2007 bis 2013, an dann dee wahrscheinleche Réaménagement vun Stabilitéitsplang, gegebenenfalls den Ulaaf vun de Verhandlungen mat der Türkei, alles dat sinn enorm Erausforderungen, déi op déi nächst, op eis Présidence zoukomme wäerten.

Déi Unioun zu deem Zäitpunkt ze steieren, an zwar mat Erfolleg ze steieren, ass - mengen ech - eng vun deene gréissten Erausforderungen vun der nächster Legislatur. Mir kënnen duerch dës Présidence dauerhaft Spuren an der europäescher Integrationsgeschichte hannerloossen. Wann eis Présidence allerdéngs nëmmen duerch schnéittlech gëtt, sou wéi se vill ze vill dacks och vu groussen Länner nëmmen duerch schnéittlech war, da ginn d'Spuren dovun ganz séier am Sand vun der Geschicht verwëscht.

Ech wëll där nächster Regierung dofir fir d'Meeschtere vun dësen Erausforderungen eng gutt Hand wënschen, esou eng gutt Hand wéi déi aktuell Regierung eng hat, wann et ëm d'Vertrieeder vun eisen Interessen an der Welt an och an Europa gaangen ass.

Déi lescht fënnef Joer ware fir Lëtzebuerg an der Aussepolitik an an der Europapolitik gutt Joren. Et ware gutt Joren, well d'Usehe vun eise Land, de Respekt, deen eise Land entgéintbruecht gouf, och d'Aart a Weis wéi eise Land nogelauschert gëtt, nach ni esou grouss waren. An dat huet net zu lescht eppes mat deene Performancen ze di vun deenen, déi responsabel waren, fir Lëtzebuerg an der Unioun an an der Welt ze vertrieeden.

Heiansdo muss ech e bësselche schmunzelen, wann hei zu Lëtzebuerg - an Europa souwisou, mä och hei zu Lëtzebuerg - eng Rei Politiker mengen, de Statsminister géif sech awer ganz gutt als Chef zu Bréissel maachen, en hätt d'Kompetenze fir dat ze maachen, mä zur selwechter Zäit em awer ënnerstellen, hei zu Lëtzebuerg do géif en awer net ganz villes faerdeg bréngen. Et muss ee mat där Kontradiktioun faerdeg ginn.

(Interruptions diverses)

Et gëtt ëmmer esou vun lech duergestallt, an ech muss lech emol soen, wann een engem zoutraut, mat Kompetenz Europa ze féieren, da wäert ee jo net ënnerstellen,